PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit, Energie & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

D'Regierung huet am Koalitiounsofkommes d'Transitioun op d'Elektromobilitéit als ee Käruleies definéiert, woubäi d'Part vum Elektroauto op eise Stroossen an den nächste Jore klamme soll. Fir dëst Zil z'erreechen, huet d'Regierung eng Primm fir Elektroautoen agefouert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Opgelëscht pro Mount, wéi vill Elektroautoe goufen dëst Joer zu Lëtzebuerg kaf?

   Wéi huet sech den Total par Rapport zum selweschten Zäitpunkt 2019 entwéckelt?

2. Opgelëscht pro Mount, wéi vill Mol gouf d'Primm fir ee Elektroauto dëst Joer accordéiert?

3. Wéi héich ass den Duerchschnëttspräis vun den Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen?

4. Wat ass de Medianwäert vum Verkafspräis vun den Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen?

5. Wat ass d'Differenz tëschent de 25% deiersten an de 25% bëllegsten Elektroautoen, déi mat der Primm ënnerstëtzt goufen? (Interquartilofstand)

6. Wéi vill Leeschtung (Kilowatt) haten d'Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen, am Duerchschnëtt?

7. Wat ass de Medianwäert vun der Leeschtung (Kilowatt) vun den Elektroautoen, déi dëst Joer mat der Primm ënnerstëtzt goufen?

8. Wat ass d'Differenz tëschent de 25% leeschtungsvollsten an de 25% leeschtungsschwaachsten Elektroautoen, déi mat der Primm ënnerstëtzt goufen?

(Interquartilofstand)

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député